

WISOU D'PIRATE WIELEN?

D'Piratepartei setzt sech zënter hirer Grënnung fir de Schutz vun der Privatsphär, en transparent Staatswiesen souwéi méi Biergerbedeelegung an.

Niewt dësen Kärthemen wëlle mir awer och eng fräi Gesellschaft, an där jiddwereen déi selwecht Chancen huet a wou och jiddwereen, onofhängeg vu senger Hirkonft an soziale Status, kann deelhuefen. Mir sinn fir e vereentend Europa ouni Grenzen, wou all Bierger mënschewierdeg liewe kann.

D'Clärrwer Piraten wëllen den 8. Oktober 2017 mat an d'Course fir d'Gemengewale goen. Mat neien an Innovativen Iddien wëlle mir eis Gemeng fit fir d'21. Joerhonnert maachen. Eis Uertschaften dierfen net weider u Liewensqualität verléieren, am Géigendeel: d'Awunner solle méi Matbestëmmungsrechter kréien an aktiv matgestalten kënnen.



CLIÄRRWER
PIRATEN

ELO D' BRÉIFWAL UFROEN!

Den 8. Oktober 2017 si Gemengewalen! A well zu Lëtzebuerg d'Walpflucht gëllt, muss jiddwer walberechtegte Bierger deen Dag a sengem Walbüro säi Stëmmziedel ausfüllen an ageheien.

Leit, déi méi ewéi 75 Joer al sinn oder aus berufflechen resp. private Grënn deen Dag verhënnert sinn, kënnen sech d'Bréifwal ufroen. Dat kanns de schrëftlech bis den **8. September 2017** bei der Gemeng maachen.

E Formulär vun der Gemeng fënns de hei:
<http://1337.lu/GWBreifwal>



klierf.piraten.lu



klierf@piratepartei.lu



[facebook.com/KlierferPiraten/](https://www.facebook.com/KlierferPiraten/)



[@Piratepartei](https://twitter.com/Piratepartei)

Jiddwer Interesséieren ass häerzlech invitéiert un eisen Treffen deelzehuelen.
Bei eis ass jiddweree wëllkomm!
Weider Informatiounen zu eisen Treffen fënns de op eiser Websäit!

KUERZ &
KNACKEG!



MËI
**TRANSPARENZ &
MATBESTËMMUNG**

FIR CLIÄRREF!



EIS VISIONUN FIR CLIÄRREF

MÊI TRANSPARENZ!



Als Piratepartei setze mir eis fir eng beschtméiglechst Biergerbedeegung an.

Fir datt e Maximum u Leit sech awer beim Entscheidungsprozess an der Gemengepolitik abrénge kënnen, ass et eng onverzichtbar Virraussetzung, datt all Bierger och un all d'Informatiounen komme muss, déi fir eng fundéiert Entscheidung noutwenneg sinn.

Mir wëllen am nächste Gemengerod eng Reih Measure proposéieren, fir d'Gemengenpolitik fir de Bierger wesentlech méi transparent ze maachen:

- 1. Gemengerotssätzungen live streamen**
Jiddwer Bierger soll d'Versammlungen net nëmme sur place, mee och via Internet kënnen suivéieren. Esou kënnen sech och Leit informéieren, déi net mobil sinn oder déi während de Gemengerotsversammlungen schaffen resp. an d'Schoul ginn.
- 2. Méi Gebrauch vu Websäit an Newsletter maachen**
Eng Transparenz-Offensiv,

déi wesentlech méi einfach a bëlleg ëmzesetzen ass, ass de méi konsequente Gebrauch vu Website an Newsletter. Hei sollten déi méi wichteg Saachen ewéi Gemengebudget an divers Informatiounsmaterial zu Projeten ze fannen sinn.

3. Interaktiven Austausch mam Bierger

Vill Leit haale sech méi oder manner dack op de sozialen Netzwierker op. Et ass dofir net verständlech, wisou d'Gemeng Cliärref als zoukënftege FutureHub vum Norden de Wee nach net op Facebook, Twitter a Co. fonnt huet. Hei ass et ouni finanziellen Opwand ganz einfach méiglech, Veranstaltungen a wichteg Informatiounen mat de Leit ze deelen a mat Awunner an Touristen direkt a Kontakt ze trieden.

4. D'Plaz vun engem PR-Agent schaaften!

Flr d'Online-Präsenz vun der Gemeng ze optiméieren an d'Transparenz-Offensiv konsequent virunzedreiwien, sollt d'Gemeng d'Plaz vun engem Gemengenagent schaaften, dee sech ëm dës Voleten këmmert. Donierft kéint dësem Agent e méi koordinéierten Austausch tëscht Initiativen ewéi dem *Tourist Center*, der *Cité de l'image* etc. iwwerhuelen, fir esou d'Mark "Cliärref" méi gezilt ze promovéieren.

BIERGER*INNEN PARTICIPÉIERE LOOSSEN!



Mir wëllen als Piraten de Bierger och tëscht de Walen d'Méiglechkeet bidden, fir aktiv d'Gemengepolitik matbestëmmen ze kënnen:

- 1. Reegelméisseg Biergerversammlungen!**
Mir sinn der Meenung, datt de Gemengerot a reegelméisseg Ofstänn d'Bierger op Informatiounsversammlunge Ried an Äntwert stoe sollt an esou och eng Plattform bidde sollt, wou d'Awunner eegen Iddien ustousse kënnen.
- 2. 10% vum Gemengebudget fir Biergerprojeten!**
Mir setzen eis dofir an, datt am Gemengebudget 10% vun de Gelder fir Projeten reservéiert solle ginn, déi vun de Bierger selwer bestëmmt kënnen ginn.
- 3. Däin Untrag am Gemengerot!**
D'Piraten huelen d'Wuert *Biergerbedeegung* echt! Mir setzen eis dofir an, datt d'Bierger hir Untreeg an de Gemengerot komme sollen. Bis d'Gemeng dat selwer ëmsetzt, bidde mir, am Fall wou e Pirate an de Gemengerot gewielt gëtt, mam *OpenAntrag* eng Méiglechkeet, wou de Piratenvertrieder däin Untrag op d'Dagesuerdnung vun de Gemengerotssätzungen setzt.